D'Canne Blanche gëschter an haut

50 Joer aktiv
fir déi blann
a sehbehënnert
Leit zu Lëtzebuerg
1961 - 2011



« La Canne Blanche A.s.b.l. », Les Amis des Aveugles

Grëndung

De 14. März 1961 ass zu Esch / Uelzecht eng Associatioun gegrënnt gin, déi de Numm krut „Les Amis des Aveugles, La Canne Blanche“.
Hir Statuten baséieren um Gesetz vun 21.04.1928 iwwert d'Associations sans but lucratif. Grëndungsmemberen waren:

- Mlle Lucie Origer, Esch / Alzette
- Mme Aloyse Kandel, Belvaux
- Mme Jean Kohnen, Burange
- Mme Léon Thyes, Luxembourg
- M. le Dr Thull, Esch / Alzette
- M. Albert Reuter, Luxembourg
- M. Jos. Jacoby, Differdange
- M. Alphonse Schwartz, Esch / Alzette
- M. Louis Meyer, Obercorn
- M. J.-P.Hamus, Differdange
- M. Marcel Mahr, Esch / Alzette
- M. Georges Majerus, Schifflange
- M. François Martin, Esch / Alzette
- M. Norbert Rollinger, Luxembourg
- M. le Dr Fixmer, Dudelange
- M. Camille Robert, Esch / Alzette
- M. Willy Doerner, Esch / Alzette
- M. Jos. Bergami, Belvaux
- M. Josy Thull, Esch / Alzette.

- Den 1. Präsident war den Dr Camille Thull
- Den 2. Präsident war d'Madame Joka Wertheim-Meyer
- Den 3. Präsident war den Här Marcel Mahr
- De 4. Präsident war den Här Norbert Rollinger
- Den aktuellen Präsident ass de Fernand Bley.

Eis Associatioun

Di éischt Statuten sin durch di aussergewéinlech Generalversammlung vum 23.03.1968 modifiéiert gin. Di aktuell Statuten sin vum 16.03.1993.
Zu dem Zeitpunkt waren am Verwaltungsrot:

- Norbert Rollinger, Präsident
- Nico Bley, Vize-Präsident
- Marie-Josée Kandel-Meiers, Vize-Präsidentin
- Raymond Didier, Trésorier
- Nico Hüber, Secrétaire
- Fernand Bley, Member
- Lotty Konz-Goebel, Member
- Maggy Schweigen, Member

Den Objet vun der Canne Blanche ass fir blann a sehbehënnert Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, moralesch a finanziell ze ënnerstëtzen, solidaresch mat hinnen ze sin, a fir hir Problémer anzetrieden.

D'Canne Blanche ass als Association sans but lucratif op di finanziell Ennerstëtzung vu Privatleit, Gemengen, Gesellschaften a Firmen ugewisen (Spenden, Subsidien, Ierwschaften asw.) fir hir Aktivitéiten fir hir Memberen kënnen ze réaliséieren.

Fir Member ze ginn, muss een eng Demande mat Attest vun engem Aendokter iwert d'Sehbehënnerung un de Verwaltungsrot schreiwen (Formular ass disponibel) an die alljährlech Cotisatioun bezuelen.

De Siège social ass zu Lëtzebuerg am Haaptsëtz vun der Croix-Rouge.

D'Canne Blanche zielt 2011: 150 Memberen.

De Verwaltungsrot

De Verwaltungsrot besteet aus 12 Memberen, dovun 9 sehent Bénévolen, déi d'Conditiounen, wéi d'Statuten se virgesin, erfëllen, engem Vertrieder aus der Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung, an 2 blann oder sehbehënnert Vertrieder vun de Memberen.

De Norbert Rollinger war Präsident vun 1983-1997. De Verwaltungsrot huet an der Réunioun vum 20.11.1997 de Fernand Bley, den seit 1990 am Conseil ass, zum neie Präsident gewielt. Den Norbert Rollinger gouf den 12.02.1998 zum Eierepräsident vun der Canne Blanche ernannt. D' Caroline Scheer-Roob koum 2000 an den Conseil. Den Nico Bley ass seit 1988 am Conseil, a vun 1993 un Vize-Präsident. Den Nico Hüber ass seit 1981 Sekretär. Den Raymond Didier ass seit 1970 am Conseil, a war vun 1985 un Trésorier. De Patrick Feltgen ass 1998 an de Verwaltungsrot opgeholl gin nom Départ vum Här Rollinger. De Jean-Claude Reding 2005, an huet de Posten vum Trésorier den 03.02.2007 vum Raymond Didier iwwerholl, deen als Member am Verwaltungsrot bliwen ass. D' Mandater vun der Madame Kandel an der Madame Konz, déi gestuerwen sin, sin 2008 vum Alice Didier-Wilhelmy a vum Denise Reding-Hoffmann iwerholl gin. D'Madame Scheer huet 2010 hirt Mandat aus Altersgrënn ofgin an 2011 koum de Jeff Bentz an hir Plaatz an de Conseil.

Laangjähreg Kassenrevisoren waren de Jacques Deutsch, bis 2008, an den Marcel Meyer, bis 2007.

Als Vertrieder vun de Memberen am Verwaltungsrot waren während ville Joren de Josy Conrardy an den Dominique Flener, déi allenzwee verstuerwe sin, a bis 2011 de Claude Keup.
2001 huet de Mike Wilmes de Posten als Blannevertrieder am Conseil iwerholl, an de Metty Gierden ass 2011 derbei komm.

2011 sëtzt sech de Verwaltungsrot esou zesummen:

- Norbert Rollinger, Eierepräsident
- Fernand Bley, Präsident
- Nico Bley, Vize-Präsident
- Nico Hüber, Secrétaire
- Jean-Claude Reding, Trésorier
- Raymond Didier, Member
- Patrick Feltgen, Member
- Alice Didier-Wilhelmy, Member
- Denise Reding-Hoffmann, Member
- Jeff Bentz, Member
- De Präsident oder e Member aus dem Verwaltungsrot vun der Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung
- Mike Wilmes, Vertrieder vun de Memberen
- Metty Gierden, Vertrieder vun de Memberen

Kassenrevisoren sin Marc Muller, seit 2008 a Romain Bock, seit 2010.

Generalversammlung a Vollversammlung

D'Canne Blanche hält all Joer hir statutaresch Generalversammlung an hir Vollversammlung an enger anerer Gemeng am Land of. Eieregaascht ass dann den Buergermeeschter vun der Gaascht-Gemeng, deen zum Schluss vun der Versammlung séng Gemeng an engem Exposé présentéiert, wat ëmmer ganz informativ fir d' Memberen ass, an den Eierewäin offeréiert.
Den aktuellen Verwaltungsrot huet déi 2 Versammlungen a folgenden Gemengen ofgehaalen:

14.03.1998	Born/Sûr	19.02.2005	Walferdange
20.03.1999	Redange/Attert	18.02.2006	Ettelbruck
18.03.2000	Berbourg	03.02.2007	Pétange
24.03.2001	Bridel	26.01.2008	Mondorf-les-Bains
09.03.2002	Bech-Kleinmacher	24.08.2009	Dalheim
15.03.2003	Rumelange	23.01.2010	Colmar-Berg
20.03.2004	Remich	29.01.2011	Rumelange

Vakanz am Ausland

Am Joer 1999 huet d'Canne Blanche een neien Conzept vun enger Vakanz am Ausland, zesummen mat der Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung, réaliséiert fir d'Memberen vun dénen 2 Associatiounen :

1999	Littoral belge
2000	Alsace
2001	Freiburg im Breisgau
2002	Port-Fréjus
2003	Ostende
2004	Port-Fréjus
2005	Breisach/Schwarzwald
2006	Cap Estérel
2007	Croisière sur le Rhin
2008	Croisière sur le Rhône
2009	Chiemsee/Bayern
2010	Interlaken
2011	Norddeich

Joeresprogramm

Am Schnëtt gesäit den Aktivitéitsprogramm fir d'Joer folgender Moosen aus:

Januar :	Vollversammlung an Zesummenarbecht mat enger Gemeng am Land verbonnen mat engem Mëttegiessen
Abrëll :	Fierkel um Spiiss am Blannenheem zu Bierschbech
Juni :	Grillfest am Park vun der Fondatioun Emile Mayrisch vum Roude Kräiz zu Colpech
September :	Vakanz vun ëttlechen Deeg am Ausland
Oktober :	Schëfffaart op der Musel mat Mëttegiessen
Dezember :	Chrëschtfeier zu Bierschbech mat Iwwereeche vun engem finanziellen Cadeau vun der Canne Blanche fir d'Pensionnäiren vum Blannenheem fir hir Freizeitaktivitéiten auszebauen (seit enger Rei vu Joren Audio-Bicher fir den Ausbau vun der Bibliothéik).

Fir Chrëschtdag iwwerweist d'Canne Blanche hire Memberen all Joer e Geldbetrag als Pécule de Noël fir datt jiddfer Member sech kann eng kléng Freed machen.
Kanner a Jugendlecher, déi Member sin, kréien all Joer e Geldbetrag op ee Spuerbuch gesaat, daat hinnen zu 18 Joer iwwereecht gët.
De Verwaltungsrot kënnt regelmässeg iwwert d'Joer zesummen fir déi laafend Geschäfter an Aktivitéiten ze bespriechen an ze organiséieren.
Et gët eng exzellent Zesummenaarbecht an Coordinatioun mat dem Conseil vun der Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung.

50. Gebuertsdag

Um 50. Gebuertsdag vun der Canne Blanche denke mir mat Respekt un all déi Leit, déi an deene 50 Joer hir Fräizäit, Energie an hirt Wëssen onëntgeltlech an den Dingscht vun der Canne Blanche an hiren Aktivitéiten gestallt hun.

Merci soe mir all deene Privatleit, Gemengen an Institutiounen, déi an all deene Joren durch hir finanziell Ennerstëtzung (legs, subsides, dons) et der Canne Blanche erméiglecht hun hir Aktivitéiten ze realiséieren.

All meng Unerkennung a mäin grousse Merci geet op dësem Gebuertsdag un all éierenamtlech Memberen an Mataarbechter am a vum aktuellen Verwaltungsrot. Nëmmen mat hirem altruistischen Engagement an hirer Hëllef ass et méiglech eis Aktivitéiten fir eis blann a sehbehënnert Leit ze organiséieren an duerchzeféieren.

Als grouss Famill versti mir eis als Canne Blanche wa mir mat eise Memberen zesumme sin, mat hinnen feieren, an hinnen eng Hand reechen wann et noutwendeg ass.
Sou wëlle mir dat och weiderféieren an di kommend Joeren eran.

26.11.2011 • Fernand Bley, Präsident